

Eng Lëtzebuerger Journalistekariär

Datt et kloer ass: Boltze Menn war ni mäi Frënd. Wéi ech gefrot gouf, iwwer hien ze schreiwen, hunn ech d'éischt nee gesot. Wéi de Renato, dien den Artikel wollt hunn, du sot, all anere géif sécher nach méi béis iwwer de Menn schreiwe wéi ech, hunn ech mech erweeche gelooss, wuel well ech a mengem onverbesserlechen Optimismus der Meenung sinn, datt och deen dommsten, nidderrächtegsten a béisaartegste Mënsch sou eppes wéi en Häerz kann hunn an e Minimum un Uechtung verdingt...

De Menn hunn ech kennegeléiert, laang ir hie Journalist war. D'Joer virum Passage-Examen – dee gouf et deemols nach – koume mer beieneen an d'Klass; hie war duerchgefall an ass fir d'zweet ugetrueden. Dës Kéier packs d'ët, muss hie sech gesot hunn, mat alle Mëtzel! Hie gouf Klassendelegierten an huet dat ausgenotzt, fir sech bei dem engen oder anere Proff bäizeschmieren; domat huet hie sech natierlech keng Frënn gemaach, awer allgemeng ware se an der Klass ze feig, hien ofzewielen. D'Joer drop, wéi mer tëscht Relioun a Morale laïque wile konnten, gounge mer op Relioun, well allgemeng gesot gouf, do krit ee méi liicht Punkten. Et war dann och an deem Fach, wou Boltze Menn ëmmer deen Éischte war, obwuel hien, wéi e sot, weder u Gott géing gleewen, nach eppes vun de Pafe géing halen. 'Duebel Strategie' huet hien dat spéider gedeef, anerer hunn et einfach 'Verlügenheet' genannt. Mat sengem schläimege Wiesen huet hie sech bis Première duerchgewuerschtelt, huet den Examen allerdéngs net gepackt an ass och do eng zweete Kéier ugetratt. Well en och d'Septième duebel gemaach hat, hat hien am Ganzen 3 Joer Retard; spéider huet hien, fir säi Curriculum méi glat ausgesinn ze loosssen, behaupt, hien hätt 3 Joer Journalissem studéiert. A Wirklecheit gong hien direkt no Première bei eng Zeitung, wou e Monni vun him als Korrekter geschafft huet (an dee wuel och e gutt Wuert fir hien ageluecht hat). Hien huet sech och gläich déi Parteikaart zougeluecht, déi bei d'Zeitung gepasst huet, a vun do u gong et biergop fir hien, lues zwar, awer sécher. Hie war fir Lokales

zoustänneg a koum vill an der Stad erëm, huet masseg Leit kennegeléiert, a well e keng eege Meenung hat, war hien och sou zimlech iwwerall béléift (allerdéngs net bei deenen, déi hie besser kann hunn). Hien huet iwwer Muppen, Kanéinercher a Fräsche geschriwwen, iwwer nei Geschäfte an aalt Gemaiers, iwwer d'Police an d'Pompjeeën, iwwer d'Heeschesak an der Foussgängerzon an iwwer ugestousse Foussgänger op der Strooss, näischt woufir hie seng Fieder net hierginn hätt, dat allerdéngs an engem Stil, dee jiddereen de Kapp rësele gedon huet, dien och nëmmen eng klitzekleeng Ahnung hat vun deem, wat een sou allgemeng Sazbau nennt. Säi Monni soll eng Kéier gefrot hunn, keng Schicht méi brauchen ze maachen, wann Artikele vum Menn ze korrigéiere waren. Dem Menn awer huet dat näischt uitgemaach; hie gong duerch d'Groussgaass, wéi wann hien en direkten Nokomme vum Marcel Proust wier. 'Hien dopt sech mat sech selwer', sot säi Monni. Dat war net nëmmen eng Ëmschreibung vum Menn sengem Ego, dee gewaltig gewuess war, zënter hien an déi Zeitung duerft schreiwen, mee och eng Uspilling op dat, wat soss sou am Betrib lass war: Do hunn déi meescht sech nämlech mat ganz anere Saache gedopt wéi mat sech selwer. Eleng an deem Joer, wou de Menn do ugefaang huet, gongen dräi Mataarbechter an eng Entzéiungskur wéinst Alkoholproblemer, e véierte wéinst Medikamentemëssbrauch, an en aneren ass un de Folge vun enger Zyrros gestuerwen. Kee gutt Aarbechtsklima, gouf gesot. Awer de Menn wouss sech eben unzeleeën. Bis en du – nodeems e Mataarbechter, dee wuel d'Gefor erkannt hat an nët wollt am Soff enneg, gekënnegt huet –, gebiede gouf, an d'Kultur ze wiesselen. 'Eise Menn an der Kultur, soll säi Monni gesot hunn, dat ass wéi wann s d' en analphabetesche Schwéngshiert aus den Abruzzen zum Poopst géings maachen', eng Bemierkung, déi vläicht politesch net korrekt war, awer d'Situatioun eingeermoosse richtig erëmginn huet. De Menn awer ass nach emol e Kapp méi grouss ginn an op säi Kulturtroun geklomm; hien hat vläicht keng Ah-

nung, awer sécher och keng Komplexer. De Schnitterchersjournalissem, dien hie bis dohi gedriwwen hat mat Leit vum Geschäftsverband an anere Poretteclippercher huet sech vu lo un e puer Stäck méi héich ofgespillt, an de Menn war méi wéi houfreg, ungestousse mat Theater- a Muséeedirekteren a Staren a Stärercher aus der Filmbranche. U sengem Schreiftstil – souwäit en een hat – huet dat allerdéngs näischt geännert, an eng ganz Rei senger Artikelen gongen als oniwwertrefflech Meeschterwierker an d'Zeitungs geschicht an, sou beispillsweis deen iwwer eng Opféirung vum Dürrenmatt senge Physiker, aus deem dës Satz zitíiert siefen: 'Dürrenmatts (sou*stoung den Numm



an der Zeitung) Stärke ist zugleich seine Schwäche: das Stück. Der Autor, dessen Werk Biedermann und die Brandstifter letztes Jahr zu sehen war, versucht sozusagen sprachlich der physikalischen Wirklichkeit als politische Realität gerecht zu werden, indem er absichtlich verrückt stellt, und fordert so die Zuschauer zur Frage auf, inwiefern oder welche Möglichkeit einfühlsam zu zeigen, wer wer ist.' Bei sou engem Geschreifs blouf et net aus, datt e Kabarettist sech dem Menn senger ugeholl huet a regelméisseg gehéireg de Geck mat him gemaach huet. Awer dat huet de Menn nëmnen nach méi bekannt a beléift bei de Leit gemaach. Déi Zäit huet hien och mat senger

béisaarteger Kolumn ugefaang, déi hien ënner dem Pseudonym Peeping Butz geschriwwen huet, dat heescht geschriwwen huet hien net selwer, sou domm war hien net; hie wouss schonn, datt seng kromm a bocklech Sätz direkt erëm ze erkenne wieren. Also huet hie schreiwe gelooss. Hien huet d'Iddië geliwwert – souwäit et dann Iddië waren, meeschtens gouf just denunziéiert – a seng Frëndin (erstaunlech genuch, datt en iwverhaupt eng hat) huet den Text verfaasst. Si huet fir d'Partei geschafft (déi, déi bei d'Zeitung gepasst huet) a war frou, geleeëntlech deen een oder anere Géigner kënnen esou aus hirer Stopp eraus ze vermiwwelen, huet och hirem Frënd seng machiavellistesche Tenden-

zen ënnerstëtzt (och wann dien net wouss, wien de Machiavelli war). Duerch si huet de Menn dunn och an der Partei méi a méi Gewicht kritt an huet gedëlleg säi Wee gemaach, sou wéi et sengem Charakter entsprach huet, tèscht Bauchpinselen an Erwiergen. E klenge Réckschlag a senger Zeitungskarriär gouf et, wie hie laang a breet iwver déi staark Bühnepräsenz vun engem Schauspiller geschriwwen hat, dien deen Owend wéinst Krankheit ausgefall war. De Menn war – wéi scho méi dacks – guer net an der Virstellung gewiescht, iwver déi hie geschriwwen huet. Awer och dat war séier vergiess; souwisou interesséiere sech déi wéinegst Lëtzebuurger fir Theater a Kultur, sou datt dem Menn seng Onwëssenheet op deem Plang och keen Handicap war, wie hie kandidéiert huet fir an de Gemengerot, an duerno fir an d'Chamber. D'Leit hu sech erënnert un de Boltze Menn als Lokalreporter, wéi hien ëmmer do war op de Versammlungen an derfir gesuergt huet, datt si an d'Zeitung kéimen, op d'Fotografie mam Buergermeeschter oder och nëmme mam Schäffen, heiansdo och mat engem Minister. Iwverhaupt, sou schéint et, haten d'Leit déi Zäit e Fäbel fir Journalisten, déi an d'Politik wollten, well niewent dem Menn gouf et nach eng hallef Dose Kandidaten vu Press, Radio an Television, déi d'Säit wollte wiesselen an déi, grad wéi de Menn, dann och ganz gutt ofgeschnidden hunn, sou datt allgemeng konnt festgestallt ginn, datt niewent dem Sport, de Journalissem dat bescht Sprangbriet fir an d'Politik war. 'Do kann een näischt maachen, sot dem Menn säi Monni beim Patt, lo ass Dommheet, Schläimschäisserei a Ruckelzechkeet demokratesch gewielt !' An de Menn sëtzt zefridden an der Chamber, an déi nexte Kéier gëtt e vläicht Minister, vläicht souguer Kulturminister... Souwäit si mer nach net. Awer haut den Owend ass en op engem lessen zesumme mam Grand-Duc, an dat ass scho ganz, ganz vill fir en Tipp wéi Boltze Menn, deen ëmmerhin de Schmierseefjournalissem ze notze wouss wéi kaum en aneren...



Nico Helminger